



PPS: De Robert Fisk as bei allem Respekt och e Mann, dee kenger Kontrovers aus de Féiss geet. Hie war zum Beispill dee Reporter, dee publik gemaach huet, datt d'israelesch Arméi 1996 e Flüchtlingslager vun der Uno zu Qana am Libanon aus der Loft bombardéiert huet. Et war och hien, dee sech am September 2001 mat der BBC ugeluecht huet. D'Auntie hätt, sou de Reproche vum Robert Fisk, hier Wieder ofgeschwächt, well d'israelesch Ambassade Drock op si gemaach hätt. An zwar géifen d'BBC-Journalisten nët méi vu politischem Mord (*assassination*) duerch israelesch Doudesschwadrone schwätzen, mee nach jhust vu "geziiltem Doudmaachen" (*killing*).

Den John Simpson, respektéierten Auslandschef vun der BBC, huet dat ofgestridden. Dat as iwwregens dee selwechte Simpson, dee live um Radio sot, d'BBC hätt Kabul vun den Taliban befreit, well hie virun der Norallianz an der Stad war. Och Spëtze korrespondenten oder, wéi si a Frankräich genannt gin, *grands reporters* hun ënnerscheedlech Opfaassunge vun hierem Beruff. Méng Präferenz läit éischter beim Robert Fisk.

(Medië-Chronik um honnert,7 vum 16. Dezember 2001)

Transparenz oder Duercherneen?

Lëtzebuerg huet e spezielle Presse-Marché. Wien am Grand-Duché als Editeur vun enger Zeitung oder Zäitschrëft untrëtt, dierf sech keng grouss Hoffnungen op Bénéfisser machen — vun sielenen Ausnahmen ofgesin. Trotzdem, schéngt et, as Lëtzebuerg e formidable Presse-Marché. Hei kann ee nämlech nët manner wéi 5.300 verschidden Titele kafen. An elo kënnt och nach den Euro.

Bis elo dierft sech knapps e Lieser vun der *Frankfurter Allgemeine Zeitung* dru gestéiert hun, wann séng Zeitung an Däitschland 2,30 Mark kascht huet an zu Lëtzebuerg am Kiosk zanter dem leschten 1. Dezember 61 Frang. Dat mécht, an déi national Devise emgerechent, eng Differenz vu bal 14 Frang. Mee wien huet dat bis elo schon emgerechent? Soss wäer deemjéiegen op dier aner Sait vläicht opgefall, dat de *Monde* am Grand-Duché 6 Cent, also bal 2,5 Frang, méi bëlle as wéi zu Diddenuewen oder Paräis. Mee dat dierft eng Ausnahm sin. An der Regel as déi auslännesch Presse zu Lëtzebuerg méi deier wéi an deem Land, wou se gedréckt gët.

Dat liicht an, mee et huet bis ewell heiansdo zu kokasse Situatiounen am Zeitungsbutték gefouert, wann en Tourist erakoum an de Spiegel a Marken oder den *Canard enchaîné* a franséische Frange wollt bezuelen. Muenchereen huet nët verstanen, datt hien zu Lëtzebuerg méi huet misse berappe wéi soss doheem — an dat a senger eegener Devise.

D'Explokatioun as awer ganz einfach. De Konversiounstaux fir Produiten aus der Presse läit däitlech iwwert dem Bankecours, well aussergewöhnlech Käschen mat agerechent sin, zum Beispill fir den Transport oder d'TVA. Allerdéngs huet den Office des prix opgepasst, datt kee Schmu gemaach gouf. Wuel huet den auslänneschen Editeur de Präis fir Lëtzebuerg fixéiert, mee en huet nët dierften iwwert e gewëssene Maximum goen — jiddefalls nët ouni déi ausdrécklech Autorisatioun vun de Präiskontroller am Wirtschaftsmistère.

Elo kënnt den 1. Januar den Euro, an dee suert fir Transparenz — oder Duercherneen. Da gesäit nämlech all Zeitungskeefer op den Cent genee, wat säi Blad méi par rapport zum Ausland kascht. An den Office des prix gräift nët méi an. Well de Règlement grand-ducal vun 1964, deen der Administratioun bis elo dat Recht an déi Obligatioun gin huet, existéiert nët méi. Hie gouf ofgeschafft, well hie war nët méi kompatibel mat dem europäesche Recht.

Wéi d'auslännesch Zeitungspräisser sech am Zäitalter vum Euro entwéckelen, muss ee kucken. Den Ament gët et eng liicht Tendenz, d'Präisser unzehiewen. Mee si wäerten op all Verkafsplaz déi nemmlechte sin. Op dat an Zukunft genee esou bei de Bicher, déi vun engem ähnleche Konversiounstaux wéi d'auslännesch Presse profitéiert hun, och nach de Fall wäert sin, as ongewëss. Zwar dierfen d'Librairen 5 Prozent op de Verkaafspräis, deen den auslänneschen Editeur op séngem Buch affichéiert, dropschloen.

Mat anere Wieder: e Buch vun 10 Euro kënne si fir 10 Euro a 50 Cent verkafen, mee si mussen dat nët. A verschiddener vun hinnen wäerten dat och nët maachen. Also rentéiert et sech vun Neijooschdag un, och an de Bicherbuttéker d'Präisser mateneen ze vergläichen. Dobäi wäer et vill méi éierlech, wann de Client iwwerall déi selwecht Zomm misst bezuelen an déi kommerziell Spillercher vu verschidde Librairë mat Prozenter oder enger Fidelitéitskaart géifen ophalen.

Déi gudd Neiegkeet um Enn: De maximale Konversiounstaux fir d'Bicher am Zäitalter vum Euro läit ganz liicht ënnert deem, wat bis dohinner fir auslännesch Bicher a Mark a franséische Frang berechent gouf.

(Medië-Chronik um honnert,7 vum 30. Dezember 2001)